ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Mars di Bartolomeo

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 13. Juni 2017

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verdeedegungsminister weiderzeleeden.

Um NATO-Sommet zu Bréissel vum 25. Mee 2017 gouf decidéiert, verstäerkt AWACS-Fligeren anzesetzen, déi duerch hir Radar-Iwwerwaachung d'Kontroll an d'Gestioun vum Loftraum garantéiere sollen, dëst besonnesch am Kader vun der Koalitioun géint den IS am Irak an a Syrien. An deem Zesummenhang géif ech gäre folgend Froe stëllen:

1. Gëtt duerch déi ëmmer nees erwisen Nëtzlechkeet vun den AWACS-Fliger aktuell un en Ausbau oder eng Moderniséierung vun der NATO-Flott geduecht?
2. Ass et nach ëmmer esou, datt d'AWACS-Fliger net iwwer Syrien fléie fir hir Missioun ze erfëllen oder huet sech dat elo geännert? Iwwer wéi eng aner Länner an där Regioun fléien déi Fliger, z.B. iwwer d'Tierkei oder den Irak?
3. Ass dee verstäerkten Asaz vun AWACS-Fligere mat Méikäschte fir Lëtzebuerg verbonnen?
4. Wéi e Rôle hunn d'AWACS Fliger vun der NATO an der Ukrain? Gëtt et e Loft- oder Buedemiwwerwaachungsrôle fir déi Fliger fir d'Ukrain an, wa jo, iwwer wéi enge Länner fléien déi Fliger fir déi Missioun kënnen ze erfëllen?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten